Kannerbetreiung a Chèques-Services
==========

Kannerbetreiung a Chèques-Services

Auteur: Francine Closener

Media Fichier
Link

Seelen ass d'Kannerbetreiung hei am Land esou thématiséiert ginn, wéi an de leschte Wochen, konkret zanter dem „Etat de la Nation“ . De Premier huet sech a senger Déclaratioun eng gratis Kannerbetreiung gewënscht a Chèques-Services annoncéiert, mat deenen Elteren stonneweis Crèchen oder Maisons Relais kënne bezuelen. Dozou ee Commentaire vum Francine Closener:

Gratis Kannerbetreiung, dat war Musek an den Oueren vu villen Elteren, se goufen awer nees ganz séier vun der Familieministesch op de Buedem vun den Tatsaachen zréckgezunn.
Vu gratis Crèchen a Maisons Relais kann op mannst die nächst 6 Joer keng riets goen. Kee Wonner : et feelt nach ëmmer un Dausende vu Crèche-Plazen, d'Waardelëschten si laang, an eng gratis Offer géif d'Demande massiv klamme loossen- a wou hinn da mat de Kanner ?
Fir d'éischt muss also mol gebaut ginn, an dora si Stat a Gemengen net onbedengt ganz fex, vum Käschtepunkt an der Finanzéierung, déi ze klären bleiwt, mol ganz ofgesinn.

De Virsaz klengt awer gutt, an och wat d'Chèques-Services ugeet, soen d'Elteren bestemmt net: „ nee merci“.

Allerdéngs bleiwen nach vill Froen op:
Wat kréien zum Beispill déi Elteren, wou een net schaffen geet, fir sech selwer ëm d'Kanner ze bekëmmeren ? Haten déi ganz einfach Pech, well hiere Choix, och elo an den Aen vun der CSV een Auslafmodell ass ? An d'asbl Famill 2000 fir die Schwaarz electoral keng gréisser Roll méi spillt ?

A wéi ass et mat deene Leit, déi sech fir eng Dagesmamm décidéieren? Virwat solle si bis op weideres ausgeklamert ginn ? Ass eng Betreiung an enger Crèche oder an enger grousser Maison Relais mat Honnerte vu Kanner dann d'office besser wéi an engem méi familiären Ëmfeld ? Ënnerstetzt de Stat lo just nach een eenzege Betreiungsmodell ?

An dann d'Maisons Relais: wuel hunn di meescht Gemengen an Teschenzäit sou eng Struktur (d'Stad Lëtzebuerg allerdéngs net), mee wou gëtt et dann do ee reegelrechte Konzept vu Ministère-Säit ? Mecht net vill méi all Gemeng, respectiv all Trägergesellschaft, wat se well ? Ëmmerhin 80 Prozent vun alle Maisons Relais gi vun der Caritas gefouert- eng Associatioun, déi also quasi eng Monopol-Stellung an deementspriechend vill Pouvoir huet. Et ass och keen Zoufall, datt an der Caritas hierem Sozialalmanach, deen e puer Deeg virum Etat de la Nation virgestalt gouf, scho fir Chèques Services pledéiert gouf...de Familieministère an d'Caritas leien also ganz op enger Linn.

A wann et hinnen no geet, schengen Maisons Relais matt intégréierten Crèchen d'Zukunft ze sin, d'Kanner wieren also vu klengem un vu moies bis owes an där selwechter Struktur versuergt an encadréiert. A wéi ass et da mat der Ganzdags-Schoul ? Och do ass d'Betreiung

garantéiert, an dat exclusiv vu qualifizéiertem Personal, an do Schoul a Betreiung automatesch aneneen iwwer a mussen net schwéierfälleg opgebaut ginn.
Dee groussen Zoulaf, dee Projeten wéi Neie Lycée, Eis Schoul oder d'Privatschoulen hunn, beweist, datt et fir dee Modell och ee Besoin gëtt. Ass eng Généraliséierung vun der Ganzdagsschoul dann ieren vum Dësch ? Et sinn nach Decisiounen an Explicatiounen fälleg, vum Familjen- a vum Educatiounsministère, quitte, datt een sech virun de Wahlen net allzevill Illusioune muss man.